



INFORMATIOUN : COVID-19

DATUM : 02.04.2020

Moien léiw Guiden a Scouten,

mir wëlle nach emol zeréckkommen op eis Kommunikatioun vu läschter Woch an op den Europäesche Jamboree a Besuch zu der COVID-19 Situation. Et ass esou, dass d'Informatioun déi d'läscht Woch erausgangen ass, scho virun engem Mount opgestallt gouf, wei d'Situatioun nach eng aner war. Aus verschidde Grënn si mir mam publique maache vun dëser a Verzicht geroden, esou dass déi eréischt d'läscht Woch verschéckt gouf. Et ass eis bewosst, dat et mat der aktueller Situatioun net kompatibel ass. Et ass esou, dass mat der momentaner Lag, KEEN soll en Ersatz fir seng Participatioun fannen an mir eis Préparatiounen fir de Camp momentan op Ais geluecht hunn.

An de nächsten Deeg bis Wochen wäert sech décidéiere wéi et mam Europäesche Jamboree wäert weidergoen. Mir, als Scouting in Luxembourg, rechnen och mam Szenario vu enger eventuell Annulatioun (ma dëst ass momentan nach reng hypothetesch). Am Fall vun enger Ofsoo géinge mir och no Léisunge sichen, fir partiell Remboursementer vun de Frais'e ze garantéiere. Mir géifen iech bieten, iech nach bis Enn Abrëll ze gedëllégen. Mir versécheren iech, dass bis dohi keng Suen méi engagéiert ginn; gleichzeiteg si mir awer och op d'Versteesmech an d'Solidaritéit vun eise Partecipante ugewisen. Mir wäerten eis Bescht dinn fir jidderengem entgéint ze kommen, wéi dat dann och fir eis méiglech ass.

Fir de Moment kënne mir also net vill méi Konkretes liwweren. Et ass esou dass d'polnesch Scoutsverband (ZHP) zesummen mat den zwee Weltverbänn vun WOSM a WAGGGS dru schafft fir bis spëtstens Enn Abrëll eng kloer Positioun zum Ofhalen oder Net-Ofhalen vum Europäesche Jamboree ze bezéihen. Mir, als Lëtzebuerger Contingent am Opdrag vu Scouting in Luxembourg, probéiere d'Situatioun sou gutt wéi méiglech ze suivéieren. Mir hu Kontakt souwuel mat aneren europäeschen Associatiounen déi sollen um EuroJamboree deelhuefen, mat den zwee europäesche Bureau'en vu WOSM a WAGGGS wei och mam polnesche Scoutsverband opgeholl. Mir wäerte sou séier wéi et eis méiglech ass mat neien Informatiounen op iech zeréckkommen. Och hei ziele mir op ärt Versteesmech an är Gedold, et ass och vir eng eis eng ganz schwéier Situatioun mat där mir elo konfrontéiert sinn.

Hei fann dir nach den offizielle Statement vun der Organisatioun aus Polen: <https://ej2020.org/covid-19-and-the-european-jamboree-your-questions-answered/>

Eise Preparatiounsweekend vum **9.-10.Mee** ass leider duerch déi aktuell Situatioun zu Lëtzebuerg ofgesot. Bei weidere Froen kennt dir iech natierlech gären un eis wenden : ej2020@sil.lu

Léif Guiden- a Scoutsgréiss,

« TIME TO ACT ! »

Äeren CMT,
Luxembourg Contingent - European Jamboree 2020
Scouting in Luxembourg